

103,6 100,3 *Aukenne collective*

*an dieser Stunde*

*Soestl. na relaas van Zutk*

*of' soestl. van den leid. Jugend am 2de Weltkrieg*

*Vom Pralham een heim op Leipzig* 2

In ouer leidung vun welche Meinden late nuw gesok dat net mit Zeitzeiten  
dat met gerae viron de huero kommen si inwih hiech feliksmael ze aezelen, awer  
bereed sin idoeriver ze schreien. Dan oso hu miis aefangen manc Regelen  
vum Si' van enjens Grupprekommisjionen di' wi' de Krich aus was van Pralham  
houer, or vun dat aus sei Si' heim op Leibnitz gesokt steh.

Wel gesok de Krich war uiwer, hien hat ~~se~~ fautor seing Karabin van oel d' Baionette  
man Koppel ewich gekert, zum flick si hien well all dei, der hi Waffe betelen  
hem gounf enbach vun de Jugoslawischen Partisanen nieder gemetzelt. Eise Freude  
Pierchen war enzige Leibnitzer a renger Kompanie a was invergleichlich wi' hien op  
imat nach e Leibnitzer beginnt hied: den Erny - An oso ware se do zu 2 um Si'  
for heim: - den Erny - - -

2/1

knapps Den Erny hat och nach e puer Wierfele konzentriert Zoppen, un déi si mir awer eréischt gaang wéi mer soss näischt méi haten. Duerno hu mer Brennessele gepléckt fir ze kachen, mir hu schrecklechen Honger gelidden, Brout hate mir scho laang keent méi ze gesi kritt. Et war eng fuerchbar Zäit, ee Gleck datt mir zu zwee waren, ech mengen eleng wier ech net lieweg aus där Situations erauskomm (terribel, terribel!)

An der Tëschenzäit ware mir émmer virugaang an hu bei Lavamünd d'Grenz iwwerschratt. Aus dem *Lavanttal* si mir iwwer Bleiburg bis op Eberndorf komm. Mir wollte Richtung Klagenfurt virugoën, awer iwwerall waren och Partisanen, si wollte Kärnten u Slowenië annektéieren. Villach a Klagenfurt hate schons slowenesch Nimm. Och Triest hate si besat, dat huet Trst op de Stroosseschélter geheesch. Nun, zu Eberndorf hu mir op eemol een englesche Poste gesinn (déri 8. Arméi war aus Italiën erop an d'Steiermark énnerwee) Den Erny an ech lafen dohinner, awer mir konnte leider keen englesch, de Posten huet kee Wuert gesot. Du sin op eemol Partisanen opgedaucht an hun äis rabiat mat virugeholl. Dun hu mir gesin, datt Eberndorf fir äis eng Fal gi war. D'Partisanen haten d'Haaptstrooss Richtung Klagenfurt zugesat. Do war keng Méiglechkeet fir fort ze kommen, alles war voll *Landser*. Mir hun äis néiergelegt a gewaart a gehofft, awer eis Hoffnung war émsoss. Op eemol si mir opgedriwwe gin a mir goufe Richtung Süden op Eisenkappel a Bewegung gesat, wat war dat fir een Trauerspill. Op engem anere Wee si mir elo erëm dorower a Jugoslawië gedriwwe gin. Mir waren de Partisanen ausgeliwwert, an déi goufen émmer méi queesch mat äis. Iwwer de Seebergsattel si mir erëm an dat schrecklecht Land erakomm, mir haten eng onheimlech Flemm. Énnerwee krute mir alles ofgeholl wat e bëssche Wäert hat, op d'Stiwwele ware si besonnesch schaarf. Ech war *Gebirgsjäger* gewiescht an hat Schong un, déi konnt ech behalen. Den Erny hat Stiwwelen an huet déi missen erausgin. An d'Plaz hu se him ausgelaatschte Sandale gin, anerer krute guer näischt an hu sech misste Lompen ém d'Féiss bannen. An et gouf nach émmer némme Brennesselszopp z'lassen oder heiandsdo mol ee Stéck haart Brout vun engem matledege Bauer, dat war eise ganze Kascht. D'Kräften hu séier nogelooss an et gouf Doudeger, och hu mir der gesin, déi sech opgehaang haten! Den Erny krut ganz béis Malariaufäll, dann huet hie sech laanscht d'Strooss geluegt a sot: »Pierre, géi du mat virun a looss mech leien, ech stierwe souwisou«. Dat koum natürlech net a Fro, ech hun hie gestäipt a mat virugeschleeft. Dat war esou Enn Mee 1945. Et ware schons Wiederer iwwert äis néieraang an et huet vill gereent. Mir haten émmer déiselwecht Énnerwäch un, naass vum Schweess a vum Reen, an d'Déiercher hu sech bemierkbar gemaach, et gouf der all Dag méi. Et war eng schrecklech Zäit!

Du koume mer op eng Platz wou ganz vill Zaldoten op enger Wiss louchen. Den Erny an ech waren enger Menung: och dohinner leien ze goën, well mir waren um Enn. Do hu mir dun e puer Deeg am Zelt vegetéiert bis d'Partisane bei äis komm si fir Fräiwölleger ze siche fir bei d'Baueran an d'Hee schaffen ze goën. Den Erny, als Bauerejong, huet sech direkt gemellt, a mir si getrennt gin. Mir hun äis och net méi erëm gesin. Den Erny as nämlech ee Mount viru mir heem komm an dat Joër drop am Summer an der Musel erdronk. Hien hat ee Schlag kritt, d'Malaria hat séngem Häerz zevill zugesat, hie war némmen 22 Joër al gin.

D'Partisanen hun dun awer d'Situatioun lues a lues an de Gréff kritt. Op eemol war eng preisesch Feldkichen do, a mir kruten all Dag ee Stéck Brout an eng dënn Zopp, awer dat war besser wéi guer näischt. Den Erny hat säin Zelt matgeholl, du hat ech alt d'Chance datt ee mech mat op eng Scheier geholl huet, déi nobäi war, do louche mir op der Gänn am dréchenen. Énnert de Partisane waren awer richteg kriminell Brütten. An der Nuecht hu sech e puer Mann ee Prisonnéier aus der Scheier gekroopt an hun en zesummegeschlon. Déi aarm Kärelen hu Kreesch gedon an ém Hëlf geruff, 't konnt

awer keen eppes man, si hätten direkt geschoss. Op déi Manéier sin der en etlech doutgeschlo gin.

Ech hun op eemol näischt méi am Leif behalen, ech war total erledegt an hun op mäin Enn gewaart. Du sin ech awer wéi duerch ee Wonner zesumme mat anere Kranken op Novo Celje an ee Lazarett komm. Dat war esou ém den halwe Juni. Ech weess net méi, wéi mir dohinner transportéiert goufen. Do hu preisesch Doktere sech ém als gekëmmert esou gutt si konnten. Mir waren awer wéinstens énnnerdaach, an no e puer Deeg hun ech d'Iessen nees am Leif behalen. Et gouf némme *Griess-suppe*. Mir haten och Feldbetter, et war esouguer eng Zännstatioun do mat engem gudden Dokter. Deen huet sech em mech bekëmmert, well méng Zänn waren an engem miserabelen Zoustand. D'Behandlung huet sech an d'Längt gezun, an ech hat näischt dergéint. Si hu mir eng Prothes gemaach fir déi véier Zänn déi se mir gerappt haten. — *No e puer Takt much gëtt et wolden*  
D'Partisane waren awer och hei zimlech rabiat. Da koum esou ee Brigang an de Schlofsall, huet no eppes gesicht, a scho war et fort! Ech hat nach mäi Portmonni, dora war ee sélwer 10-Frangstéck mat der GRANDE-DUCHESSE Hien hëllt mer de Portmonni of a stécht en an d'Täsch.

Ech muss nach soën, datt mir am Lazarett gläich de Kapp *ratzekahl* geschuer kruten! Du ware mer d'Leis emol lass, awer d'Fléi nach net!

No engem gudde Mount Lazarettopenthal sin ech dun entlooss gin, et war den 22. Juli. Zu Celje op der Gare as ee Convoi zesummegestellt gin, an a Véiwaggônen as et dun op ee laange, laangen Transport gaang. Wéi mir aus de Waggône geklomm sin, du ware mer zu Zemun ukomm, ee Viruert vu Belgrad. Mir si bei d'Save gedriwwen gin, jhust beim Zesummefloss mat der *Donau*. Do hu mir als alleguer - mir waren e puer honnert Mann - misse plakeg ausdin an an d'Waasser goën. D'Fraen awer net, déi hun nogekuckt. Du goufe mir opgedeelt, een Deel as bestëmmt gi fir a Mazedoniën (Skolpje) anerer koumen an de Montenegro. Ech war bei enger Grupp fir an d'Batschka op der ungarescher Grenz. Mir sin dun no Norden op Sombor gefuer, fir um Militärflughafen ze schaffen. Ech hu weder ee Lëtzebuergen nach een Elsässer ze gesi kritt. Ech si vill méi spéit gewuer gin, datt d'Auslännner oftransportéiert gi ware während ech am Lazarett war.

Zu Sombor war et déck warem an d'Aarbecht war schwéier. No e puer Deeg hun ech erëm schlapp gemaach a koum an d'Géigend vun Apatin an ee Lager. Do hu mir zwar näischt brauchen ze schaffen, mee z'iesse gouf et net vill. Mir hun do regelrecht vegetéiert a mir hate bal all Dag Doudeger. Wann s de moies aus dem Stréi opgestan bas, da konnt et sin datt däin Noper ewell an der Eiwegkeet war. Ech hun émmer gehollef, déi doudeg Komeroden ze begruewen an hu bei jidderengem ee Vaterunser gebiet mam Rousekranz am Grapp - deen hat ech nach gerett kritt. Wann ech deemools net mäi Glawe gehat hätt, da wier ech och net um Liewe bliwwen. Ech hu vill, ganz vill gebiet...

Ech hat do awer och Frëndschaft a Komerodschaft fond. Do war ee Feldgeeschtleche bei als, een Theologieprofesser vun der Uni Freiburg/Breisgau, mat deem hun ech mech vill énnnerhalen. Hien huet mir alt heemlech een Ee gin dat hie vum Paschtouer vum Nopeschduerf kritt hat. Wéi hie mat deem Kontakt krut weess ech net. An da war do nach ee gudde Komerod, de Peter VON SOELDER vu Meran, dee gouf spéider Dokter. (*Eng-Dose Joér méi spéit hun ech hien, zesumme mat ménger Fra, doheem besicht*). Mir waren een «intellectuellen» Trio an hun héichkaräteg Conversatiounen geféiert.

Elo hat ech ewell ee ganzt Joér keng Nouvelle méi vun doheem, dat huet fatzeg op d'Moral gedréckt, besonnesch well ech esou ganz vag Informatiounen hat datt am leschte Wanter ganz schwéier Kämpf bei als am Eisléck waren. Ech hat net méi vill Hoffnung méng Elteren a besonnesch méng Mamm nach erëm ze gesin.

Awer dun as dach nach ee Wonner geschitt. Enges Daags, et war de 27.08.1945, koum eng Kutsch an d'Lager gefuer mat engem serbeschen Dokter. Och mir haten ee Wiener